Gemengerot

# vum 20 Dezember 2024

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden, CSV, Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl ausser 7, 10.1., 10.2. an 11.3.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

### *1. Punktuell Modifikatioun vum PAG – Elmen*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun der punktueller Modifikatioun vum PAG vun der Gemeng Kielen, soit „Elmen" zu Ollem, deen op Initiativ vum Schäfferot vum Ingenieursbureau LSC 360 (fréier Luxplan S.A.) vu Conter a senger Versioun vu September 2024 ausgeschafft gouf. Dëse Projet ëmfaasst ënnert anerem:

- d'Deskriptioun vum Projet;
- d'Motivatioun;
- d'Modifikatioune vum grafeschen a schrëftlechen Deel vum PAG;
- d'Etude préparatoire ;
- de schrëftlechen Deel vum PAG;
- de grafeschen Deel vum PAG;
- d'Fiche fir d'Presentatioun;
- d'Annexen.

Dës Demande fir déi punktuell Modifikatioun ëmfaasst eng Modifikatioun vun de grafeschen a schrëftlechen Deeler déi a Kraaft sinn. De Site dee vun de Modifikatioune betraff ass gouf gespléckt a setzt sech aktuell aus 12 Parzellen zesummen, déi ganz oder zum Deel zeréckgeholl gi sinn, soit d'Parzelle 630/2831 (18a 18ca), 630/2832 (2ha 42a 09ca), 625/2833 (12ca), 625/2834 (14a 10ca) 789/2702 (2ha 84a 50ca), 789/2827 (4a 16ca), 789/2828 (2ha 14a 75ca), 792/2566 (71ca), 792/2830 (19ca), 792/2829 (5a 1ca), 792/2935 (29a 66ca), 795/2570 (6a 24ca). Déi grouss Lignë vum Plan directeur vum PAP Elmen bleiwen onverännert, mä et gouf verschidden Upassungen um Projet virgeholl, an zwar gouf dat ëffentlech kommunal Ekipement bäigefüügt. D'Modifikatiounen déi ëmgesat ginn ass betrefft notamment d'Aktualiséierung vum PCN, d'Reklassement vun der Zon HAB-1 Elmen an eng HAB-2 Elmen an an eng BEP op deem Deel vum Site wou soll e Komplex mat Sportshal gebaut gi mat engem ugepasste Grad vun der Buedembenotzung duerch eng nei „zone de base" sou wéi eng liicht Upassung bei der Ofgrenzung vun de Servituden.

### *2. Deklassement vun zwou Parzellen um Uert „rue de Capellen" zu Ollem*

D'Gemeng Kielen proposéiert d'Parzell n°653/2950, Plaz, mat enger Surface vun 0,17 Ar an d'Parzell n°653/2951, Plaz, mat enger Surface vun 0,13 Ar,Sektioun B vun Ollem, geleeën um Uert „rue de Capellen", déi sech tëschent derStrooss a privat Proprietéit befannen ze verkafen. Mä et ass wichteg ze erwänen dass dës Parzellen als éischt vum „domaine public communal" an de „domaine public privé" mussen ëmklasséiert gi fir dass se kënne verkaf ginn. Deemno decidéiert de Gemengerot déi genannte Parzellen ze deklasséieren.

### *3. Kontrakter a Konventiounen*

#### *3.1. SEA – Avenant zu de Konventioune bestoend aus zwou Partien 2024 bezüglech dem SEA*

Wärend senger Sëtzung vum 29 November 2024, huet de Gemengerot d'Konventioune bestoend aus zwou Partien 2024 bezüglech dem Fonctionnement vun der Maison relais vun der Gemeng Kielen an der Maison relais / Crèche zu Keespelt, déi den 2 Mee 2024 tëschent dem Educatiounsministère an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwe goufen, approuvéiert. Nom tësche Bilan gouf d'Estimatioun fir déi finanziell Besoinen a Participatioun vum Staat fir béid d'Konventiounen ugepasst. Deemno approuvéiert de Gemengerot d'Avenante fir déi zwou genannte Konventiounen déi de 24 Oktober 2024 tëschent dem Educatiounsministère an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwe goufen.

#### *3.2. SNHBM – Avenant zum Bail fir eng Kloterwand an e multifunktionelle Sall mat enger Spillplaz um Site Elmen zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant n°1 zum Bail vum 1 Juni 2023, deen den 11 Dezember 2024 tëschent der Société Nationale des Habitations à Bon Marché S.A. an der Gemeng Kielen ënnerschriwwe gouf. Dëse Avenant betrëfft d'Modifikatioun vum Artikel 1 Objet du bail, vum Artikel 3 Résiliation avec effet immédiat, vum Artikel 4 Loyer – Indexation, vum Artikel 5 États des lieux – Restitution esou wéi den Artikel 6 Responsabilité. De Bail reegelt d'Locatioun vun enger Kloterwand déi um Parking Tellus fixéiert ass, vun engem multifunktionelle Sall vun 61,55 m² deen sech am selwechte Gebai befënnt an dee mat elektresche Prisen a mat Beleuchtung ekipéiert ass an an deem Yogacoursen, Schachspiller a Konferenze kënnen organiséiert ginn, sou wéi och vun enger Plaz fir Ping-Pong kënnen ze spille mat enger Surface vun 135 m². De järleche Loyer beleeft sech op 720€ fir dës 3 Installatiounen déi sech um 1, Echewee zu Ollem befannen.

#### *3.3. SICONA Sud-Ouest – Konventioun fir d'Realisatioun vu Projete fir de Naturschutz*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun déi de 4 Dezember 2024 tëschent de Konsorten Kayl/De Rond an der Gemeng Kielen ënnerschriwwe gouf an déi d'Realisatioun vu Projete fir de Naturschutz reegelt. Unhand vun dëser Konventioun, geneemegen d'Proprietairen vun der Parzell n°86/1103, Wiss, Sektioun B vun Ollem, mat enger Surface vu 55 Ar a 40 Zentiar, geleeën um Uert „In der Dell", der Gemeng e Wéier vun 3,9 Ar a 40 Zentiar mat enger Déift vun 1,5 Meter unzeleeën, Material fir Ausgruewung op déi Plattform niewent dem Weier auszebreeden an d'Ufer an d'Surface vun dësem reegelméisseg ze méien. Am Géigesaz, verflichten d'Proprietairen vun der Parzell sech de Wéier ze schützen, dësen net absichtlech ze zerstéieren an och keng Fësch anzeféieren.

### 4. Reglement bezüglech der Valeur vun de Kaddoen oder den Doen déi dem Personal vun der Gemeng an de Membere vum Gemengerot offréiert ginn am Kader vu verschidden Uläss – Modifikatioun

Wärend der Sëtzung vum 22 September 2023, huet de Gemengerot d'Reglement bezüglech der Valeur vun de Kaddoen oder den Doen déi dem Personal vun der Gemeng an de Membere vum Gemengerot offréiert ginn am Kader vu verschidden Uläss approuvéiert. Trotzdeem, proposéiert de Schäfferot dëst Reglement nach eng Kéier ze reviséiere fir dass d'Personal vun den ASBLen JUKI a Club Senior sou wéi och dem Fierschter säi Service kënne vun den Doen an de Kaddoe profitéieren a fir dass de Kaddo, soit 1.000,00€, déi am Kader vu 25 Déngschtjoer, mat oder ouni Ënnerbriechung, weider kann un d'Schoulpersonal ausbezuelt ginn. Deemno approuvéiert de Gemengerot dës Revisioun.

### 5. Personal Ugeleeënheeten

#### 5.1. Verwaltung vun der Gemeng Kielen - Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengebeamte fir d'Recette an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengebeamte fir d'Recette an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives.

#### 5.1. Verwaltung vun der Gemeng Kielen - Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé fir d'Recette an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengenemployé fir d'Recette an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

#### 5.2. Verwaltung vun der Gemeng Kielen - Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé fir de „Biergerzenter" an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengenemployé fir de „Biergerzenter" an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Administratives.

### 6. Donen / Subsiden

#### 6.1. Realisatioun vum Film „Vermësst" – Don

Unhand vu senger Email vum 18 November 2024, huet den Här Joé Freilinger, Produzent vum Film „Vermësst", eng finanziell Ënnerstëtzung, fir d'Promotioun an Diffusioun vun dësem Film deen zu Lëtzebuerg an deelweis an der Gemeng Kielen gedréint gouf, ugefrot. Deemno, proposéiert de Schäfferot 1.000,00€ fir d'Promotioun vum Film „Vermësst" ze spenden. Doropshin decidéiert de Gemengerot dës 1.000,00€ ze spenden.

#### 6.2. Médecins sans Frontières – Don fir en Ausgläisch

Unhand vu sengem Bréif vum 10 Dezember 2024, informéiert den Här Marc Schumacher d'Verwaltung dass hie gäre géif säi Kaddo, soit 1.000,00€, fir seng 25 Déngschtjoren un déi onofhängeg international Organisatioun fir humanitär medezinesch Hëllef „Médecins sans Frontières" spenden. Deemno spent de Gemengerot 1.000,00€ un d'Organisatioun „Médecins sans Frontières".

#### 6.3. Donen déi anstatt vu Kaddoe fir Gebuertsdeeg, fir Gebuerten oder fir Hochzäite vu Bierger gespent ginn.

Vu datt verschidde betraffe Persoune vun der Geleeënheet profitéiert hunn op hire Kaddo oder Blummen ze versichten, spent de Gemengerot déi entspriechend Montanten a Form vu Subsiden un déi follgend national an international humanitär Associatiounen:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Fondation Cœur Daniel Wagner | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00 € |
| Fondation Kriibskrank Kanner | ASBL | 3/192/615100/99001 | 230,00 € |
| Fondation Autisme Luxembourg | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00 € |
| Caritas Luxembourg | ASBL | 3/192/615100/99001 | 80,00 € |
| Médecins sans Frontières | ONG | 3/191/648110/99001 | 80,00 € |
| Croix-Rouge Luxembourg | Association | 3/192/615100/99001 | 150,00 € |
| Walddorfpädagogik Lëtzebuerg | ASBL | 3/192/615100/99001 | 80,00 € |
| Fondation Sclérose en plaques Luxbg | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00 € |
| Blëtz a.s.b.l. | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00 € |
| Fondation Hëllef fir d'Natur | ASBL | 3/192/615100/99001 | 80,00 € |
| SOS Kannerduerf Miersch | ASBL | 3/192/615100/99001 | 80,00 € |
| | | **Total:** | **1.060,00 €** |

### 7. Néi Verdeelung vun den zousätzleche Stonne Congé politique

Et ass wichteg ze erwänen dass et opgrond vun der Erhéijung vun der Unzuel vun den zousätzleche Stonne Congé politique, déi vun 9 op 15 Stonne geklomme sinn, ubruecht ass déi zousätzlech Stonne Congé politique ënnert de Membere vum Gemengerot ze verdeelen. De Gemengerot fixéiert déi zousätzlech Stonne Congé politique follgendermoossen:

- 3 Stonne pro Woch fir de Conseiller Guy Breden
- 3 Stonne pro Woch fir d'Conseillère Natacha Koch
- 3 Stonne pro Woch fir d'Conseillère Cheryl Binck-Geschwind
- 2 Stonne pro Woch fir d'Conseillère Nathalie Noesen-Heinz
- 2 Stonne pro Woch fir de Conseiller Marc Bissen
- 2 Stonne pro Woch fir de Conseiller Max Molitor.

## *8. Berodend Kommissiounen*

### *8.1. Schoulkommissioun – Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirem Email vum 3 Dezember 2024 huet d'Madamm Katrin Iannizzi hier Demissioun als Member vun der Schoulkommissioun agereecht. Deemno approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun sou dat d'Schoulkommissioun sech ab elo aus follgende 7 Memberen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Localité | Fonction |
|---|---|---|---|---|
| 1 | vacant | CSV | | Membre, représentant du conseil communal |
| 2 | DREWS Frank | LSAP | Nospelt | Membre, représentant du conseil communal |
| 3 | FRANTZEN Maryse | DP | Olm | Membre, représentante du conseil communal |
| 4 | BONIFAS Larry | déi gréng | Nospelt | Membre, représentant du conseil communal |
| 5 | BODSON Paul | neutre | Steinfort | Membre, représentant du personnel des écoles |
| 6 | MAAS Véronique | neutre | Hagen | Membre, représentante du personnel des écoles |
| 7 | TIBOR Nadine | neutre | Meispelt | Membre, représentante des parents des élèves |
| 8 | WOLFF Judith | neutre | Keispelt | Membre, représentante des parents des élèves |

### *8.2. Jugendkommissioun – Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirem Email vum 3 Dezember 2024, huet d'Madamm Katrin Iannizzi hier Demissioun als Member vun der Jugendkommissioun an der Gemeng Kielen agereecht. Deemno approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun an d'Jugendkommissioun setzt sech aus follgenden 11 Memberen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | | Localité | Fonction |
|---|---|---|---|---|
| 1 | MASSARD Sandrine | CSV | Keispelt | Secrétaire |
| 2 | WOLFF Judith | CSV | Keispelt | Membre |
| 3 | vacant | CSV | | Membre |
| 4 | BACK Joan | LSAP | Olm | Président |
| 5 | vacant | LSAP | | Membre |
| 6 | GREISCH Jessica | DP | Olm | Membre |
| 7 | STAUDT Vanessa | Déi Gréng | Kehlen | Membre |
| 8 | LUCAS Tania | neutre | Kehlen | Membre |
| 9 | PELLIN Jean-Claude | neutre | Keispelt | Membre |
| 10 | THILL Claire | neutre | Kehlen | Membre |
| 11 | DELVIGNE Thierry | neutre | Keispelt | Membre |
| 12 | ATTEN Manon | neutre | Olm | Membre |
| 13 | BASTIAN Christian | neutre | Olm | Membre |

### *8.3. Jugendkommissioun – Ernennung vun engem Member*

D'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert d'Madamm Anne Ludovicy als Member vun der Jugendkommissioun ze ernennen. Doropshin ernennt de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Anne Ludovicy als Member vun der Jugendkommissioun déi sech deemno aus follgenden 12 Memberen zesummesetzt:

| N° | Nom & Prénom | Localité | Fonction | Secrétaire |
|---|---|---|---|---|
| 1 | MASSARD Sandrine | CSV | Keispelt | Secrétaire |
| 2 | WOLFF Judith | CSV | Keispelt | Membre |
| 3 | LUDOVICY Anne | CSV | Kehlen | Membre |
| 4 | BACK Joan | LSAP | Olm | Président |
| 5 | vacant | LSAP | | Membre |
| 6 | GREISCH Jessica | DP | Olm | Membre |
| 7 | STAUDT Vanessa | Déi Gréng | Kehlen | Membre |
| 8 | LUCAS Tania | neutre | Kehlen | Membre |
| 9 | PELLIN Jean-Claude | neutre | Keispelt | Membre |
| 10 | THILL Claire | neutre | Kehlen | Membre |
| 11 | DELVIGNE Thierry | neutre | Keispelt | Membre |
| 12 | ATTEN Manon | neutre | Olm | Membre |
| 13 | BASTIAN Christian | neutre | Olm | Membre |

### 8.4. Inclusiounskommissioun – Ernennung vun engem Member

D'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert d'Madamm Sandy Meis als Member vun der Inclusiounskommissioun ze ernennen. Doropshin ernennt de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Sandy Meis als Member vun dëser Kommissioun déi sech deemno aus follgenden 12 Memberen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Localité | Fonction |
|---|---|---|---|---|
| 1 | vacant | CSV | Nospelt | Secrétaire |
| 2 | KOHNEN Guy | CSV | Nospelt | Membre |
| 3 | MEIS Sandy | CSV | Kenlen | Membre |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Kehlen | Présidente |
| 5 | BACK Joan | LSAP | Olm | Membre |
| 6 | CASEY Wendy | DP | Keispelt | Membre |
| 7 | BONIFAS Larry | déi gréng | Nospelt | Membre |
| 8 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | neutre | Olm | Membre |
| 9 | LIESCH Camille | neutre | Olm | Membre |
| 10 | RIEDEL-MAHR Nora | neutre | Keispelt | Membre |
| 11 | LINK Marie-Claire | neutre | Nospelt | Membre |
| 12 | SOW Momar Tallar | neutre | Kehlen | Membre |
| 13 | MARTIN Paul | neutre | Kehlen | Membre |

### 8.5. Inclusiounskommissioun – Ernennung vun engem Member

D'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert d'Madamm Sandy Schwarz als Member vun der Inclusiounskommissioun ze ernennen. Doropshin ernennt de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Sandy Schwarz als Member vun der genannter Kommissioun.

### 8.6. Inclusiounskommissioun – Ernennung vun engem Sekretär

D'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert d'Madamm Sandy Schwarz als Sekretär vun der Inclusiounskommissioun ze ernennen. Doropshin ernennt de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Sandy Schwarz als Sekretärin vun der Inclusiounskommissioun déi sech deemno follgendermoossen zesummesetzt:

| Nom / Prénom | | Fonction | Localité |
|---|---|---|---|
| SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire | Olm |
| KOHNEN Guy | CSV | Membre | Nospelt |
| MEIS Sandy | CSV | Membre | Kehlen |
| REHLINGER Sandra | LSAP | Présidente | Kehlen |
| BACK Joan | LSAP | Membre | Olm |
| CASEY Wendy | DP | Membre | Keispelt |
| BONIFAS Larry | déi gréng | Membre | Nospelt |
| PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | neutre | Membre | Olm |
| LIESCH Camille | neutre | Membre | Olm |
| RIEDEL-MAHR Nora | neutre | Membre | Keispelt |
| LINK Marie-Claire | neutre | Membre | Nospelt |
| SOW Momar Tallar | neutre | Membre | Kehlen |
| MARTIN Paul | neutre | Membre | Kehlen |

## 9. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert 2 dréngend Reglementer vum Schäfferot, an zwar um Domän Brameschhaf zu Kielen wéinst Ausgruewungsaarbechten, ab dem 9 Januar 2025 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; an der rue du Brameschhof an an der rue des Champs zu Kielen (Verlängerung) wéinst Ausgruewungsaarbechten, ab dem 9 Januar 2025 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten.

## 10. Budget

### 10.1 Rektifizéierte Budget 2024

De Gemengerot approuvéiert de rektifizéierte Budget 2024 vun der Gemeng Kielen esou wéi e presentéiert gouf.

- Total des recettes ordinaires 40.116.927,25€;
- Total des dépenses ordinaires 33.649.821,33€;
- Boni propre à l'exercice 6.467.105,92€;
- Total des recettes extraordinaires 22.313.251,92€;
- Total des dépenses extraordinaires 33.545.053,91€;
- Mali propre à l'exercice 11.231.801,99€;
- Boni du compte de 2023 13.054.510,78€;
- Boni présumé fin 2024 8.289.814,71€.

### 10.2. Budget 2025

De Gemengerot approuvéiert de Budget 2025 vun der Gemeng Kielen esou wéi e presentéiert gouf.

- Total des recettes ordinaires 41.938.502,00€;
- Total des dépenses ordinaires 40.951.193,84€;
- Boni propre à l'exercice 987.308,16€;
- Total des recettes extraordinaires 25.869.677,05€;
- Total des dépenses extraordinaires 35.057.915,54€;
- Mali propre à l'exercice 9.188.238,49€;
- Boni du compte de 2024 8.289.814,71€;
- Boni présumé fin 2025 88.884,38€ .

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### 11. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Personal

#### 11.1 Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

#### 11.2. Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives fir d'Recette

De Gemengerot ernennt, no engem geheime Vott, e Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives fir d'Recette.

#### 11.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir d'Recette

De Gemengerot ernennt, no engem geheime Vott, e Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir d'Recette.

#### 11.4. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Grossherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives an zwar an de Grad 7, Echelon 11, 266 Punkten.

### 12. Kommunalen Erzéiungs- an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA)

#### 12.1. Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales ze erweideren an zwar vun aktuell 36 Stonnen an der Woch op 40 Stonnen an der Woch an dëst ab dem 1 Januar 2025.

#### 12.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.